Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 17. September 2025

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister an d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

A menger parlamentarescher Fro Nummer 2719 hat ech d'Regierung ënner anerem dat hei gefrot: "*Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill Protokoller jeeweils 2023 an 2024 fir Vitessverstéiss ausgestallt goufen, déi tëschent engem a fënnef Stonnekilometer louchen a preziséieren, wéi vill der jeeweils duerch en eenzele fixe Radar, a wéi vill duerch Streckeradaren erfaasst goufen?*" D'Regierung huet mir doropshin dat hei geäntwert: "*De Logiciel vun der Police erlaabt et net, déi gefrote Recherche ze maachen*". D'Regierung befënnt sech hei awer offenbar an enger Kontradiktioun, schliisslech konnt an der Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nummer 7484 op mannst nach en Deel vun deenen Zuele genannt ginn.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär nach eng Kéier dës Froe stellen:

1) Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill Protokoller jeeweils 2023 an 2024 fir Vitessverstéiss ausgestallt goufen, déi tëschent engem a fënnef Stonnekilometer louchen a preziséieren, wéi vill der jeeweils duerch en eenzele fixe Radar, a wéi vill duerch Streckeradaren erfaasst goufen? Falls eenzel Aspekter vun där Fro net kënne beäntwert ginn, kann d'Regierung dës dann exemplaresch preziséieren?
2) Falls der Regierung keng vun deene gefroten Donnéeë méi zur Verfügung stinn, kann d'Regierung motivéieren, firwat de Logiciel vun der Police entspriechend reduzéiert gouf an déi Donnéeën elo an hirer Gesamtheet als irrelevant fir d'Verkéiersfuerschung agestuuft ginn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten